

Schwarz w ä i s s E r e n n e r o n g e n

All Mount huet de Bréifdréier dem Schoulmeeschter e Pak vun der Post matbruecht. All Kéier huet de Schoulmeeschter an der Schoulzäit a sou ganz niewelaanscht d'Këscht opgemaach an op engem Blat Pabeier gelies, wat an där Këscht dra wier. Mir woussten, wat dra wier, well déi alleréischte Kéier hat de Schoulmeeschter äis et gewisen: grouss Spullen, op deenen zwéin oder souguer dräi Filmer opgewéckelt waren. Herno huet de Schoulmeeschter d'Bobinne mol guer net méi aus dem Kartong rausgehuewen, a mir ware genee sou traureg wéi hien. Hien hätt äis déi Filmer jo gäre gewisen, mä d'Schoul hat nach kee Projektionsapparat. An dann ass de Pak deen aneren Dag vum Bréifdréier nees mat op d'Post geholl ginn, fir en un den Nokrichs- "Film scolaire" zréckzeschécken.

Wéi du enges Daags d'Gemeng sech dem Schoulmeeschter senger erbaamt hat, an e richtege Filmapparat opgeriicht do stoung, - wéi de Schoulmeeschter hannert sengem Pult e grousst wäisst Duch rofgelooss an d'Ridoe virun den héije Schoulfensteren zougezunn huet -, du hunn eng dréseg Kanner téschent dem drëtten a siwente Schouljoer fir d'éischt an hirem Liewen "Kino gespillt" kritt.

Ëm 1948 war dat; 't ware kleng schwaarz-wäiss Filmer ouni Toun, mä déi Stonn Film gouf vu lo un all Mount eppes wéi e grousst Fest. Ëm d'Drauvelies goug "mäin" alleréischte Film, an deen zweeten huet äis gewisen, wéi e richtege Kuelemeiler opgeriicht an a Brand gesat gëtt. Sou eppes verhalen ech.

Geschwënn duerno sinn ech awer gewuer ginn, datt an engem Film och kënnt geschwat ginn, an datt ee souguer Musek kënnt dran héieren. "Mäin" éischten Tounfilm kennen ech och nach mam Numm; mir ware mat Mamm a Papp an d'Oktav, an nomëttes si mer an de "Capitol" den Oktavfilm "Das Lied der Bernadette" kucke gaangen. Wéi de Film ausgaangen ass, weess ech haut nach net, well matzen am Film huet eise Papp gepëspert, hie géif mengen, 't wier Zäit fir op den Zuch. Hien hat keng Auer, an an der Gare hu mer gemierkt, datt mer nach roueg hätten eng hallef Stonn kënnen am Film bleiwen.

't war och d'Zäit vun de Wanderkinoen, a bal all Sonndeg Nomëtteg war sou een doheem am Café "beim Gréitchen". Grouss a Kleng souz do am klengen Danssall op haarde Wiertschaftstill an huet sech mat an eng friem Welt huele gelooss. "Föhn, der weiße Schlaf" huet do e Film mam Hans Albers geheesch, a bei engem Film iwwert d'Helleg Nuecht hunn d'Bomien am Sall gekrasch, well 't war e ganz moderne Film mat enger Flüchtlingskoppel aus engem Napoleons-Krich.



A wann am Nopeschstiedchen e Film gelaf ass wéi "d'Jeanne d'Arc", an dat souguer faarweg, da waren äis déi sechs, siwe Kilometer zu Fouss fir dohin an zréck kees zevill.

Ronn zéng Joer mëi spët, wéi ech an der Militärkantin um Häreberg déi éischt schwaarz-wäiss Biller um "Fernseh" gesouch ('t war e Reportage iwwert eng Segel-Regatta, och dat ass mer ni ausdenkeg ginn), du duecht ech mer, lo géing kee Mënsch méi an de Kino. 't hat jo och wierklech eppes geännert. Doheem an der

Wiertschaft souzen d'Bauren net méi um ronnen Dësch ze diedegen oder hannen am Eck eng Partie Whist ze dreschen, mä se souzen op de Still, déi wéi an der Kierch opgestallt waren an hunn op dee klenge Schierm gestuerkt, wann do e Film oder e "Catch" gewise gouf. An der Fëster vum Café stoung et geschriwwen: "Télévision", an den Usträicher-Jos hat dernieft souguer zwéi freeschlech Reecher vun enger Televisiounsantenn gemoolt.

Bis dohin hat ech eng propper Lëscht mat den Nimm vun all deene Filmer, déi ech bis dohi gesinn hat. Wéi d'Televisioun koum, war dat eriwwer, do koum een der Häerd net méi no.

Iwwert déi Demonstratiounen an der Stad, wéi s'an de fofzeger Joren d'"Sünderin" gespillt hunn, weess ech nëmme vum Héieresoen, mä d'Gerichtsverhandlungen wéinst "Stille Tage in Clichy" oder dem "Dernier Tango à Paris" krut ech eng zwanzeg Joer méi spéit als Journalist "live" mat. Bei "Clichy" hat ech mer souguer de Spaass erlaabt, eis Lieser fir den éischten Abréll op eng Sonnervistellong an den Escher "Peupel" anzulueden; hiner zwanzeg ware komm.

Wann een déi Filmer haut mol op der Televisioun rëmgesäit, da mierkt een, wéivill Gréngespoun s'ugesat hunn, awer och, wéivill morale-sche Plonner an der Tëschenzäit glécklecherweis d'Baach agoung.

An deene Jore gouf och ee vun den éischten "groussen" Lëtzebuerger Filmer gedréit. Den "Hei elei" huet dem Henri Losch säin Dréibuch "Déi zwéi vum Bierg" produziéiert, a mir war d'"Éier" zougefall, nieft dem Änder Jung e "Gestapo" ze spillen. De Film gouf a sechs Episoden op der Télee gewisen, mä wéi ech e mol wollt "an engem Stéck" gesinn an en d'Joer drop op d'Nopeschduerf kucke goug, du hunn ech gemierkt, wéi d'Leit net ëmmer tëschent Spill a Realitéit ënnerscheede kënnen. Nom Film hunn der dobaussen e grouse Bou ronderëm mech gemaach, 't hätt ee gemengt, lo ginn et hei gläich Streech.

Dat ass awer nach näischt géint meng lescht Experienz mam Lëtzebuerger Film. "De falschen Hond" war eng Verfilmong vum Nikolas Heinsenger Novell "Der Verräter", eng Geschicht aus der Zäit vun der belsch-hollännescher Revolutioun, an där ech den Éinener Paschtouer vun deemools gespillt hunn. No der Première am Utopia sot den deemolege Premier zu mer, "du wiers wierklech e gudde Paf ginn", an a menger hauseegener Zeitung war e puer Deeg méi spéit d'Kritik iwwert de Film op der éischer Säit ugekënnegt. Ënnert menger Foto als Éinener Paschtouer stoug ze liesen; "Der Verräter", Säite souasou vill... Wéi goldrichteg schrouf deemools een an enger satirescher Zeitung; "t ginn Deeg, do bléifs de besser an dem Bett."

Josy Braun



An den achtzeger Joren ass mer passéiert, wat ech mer ni erdreemt hätt. Fir d'éischt war et dee jonken Andy Bausch, dee mech gefrot huet, fir an e puer vun senge Kannerschongsfilmer matzespillen. Wéi déi zwéin éischt geheescht hunn, weess ech net méi, mä wann ech un deen drëtten denken - 't war ënnert dem Titel "Die letzte Nacht" d'Verfilmong vum enger Bukowski-Geschicht - dann denken ech haut nach un déi zwéi Strummerten (de Rik van de Kerchove an ech), déi zu Knokke am décke Strummesgezei an an den héije Welle bal ersoff waren, wéi se mat hiner Meederchersläich (den Andy) e Stéck rausschwamme wollten.

De Josy Braun
beim Tournage
vun der
Bukowski-Story
"Die letzte Nacht"
(1983)